PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/01/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Wann eng Persoun selwer ee Schnelltest mëscht, wou d'Resultat positiv ass, kann si dëst Resultat op covidtracing.public.lu mellen a kritt, laut Facebook-Post vum Ministère de la Santé vum 31.12.2021, no e puer Stonne per E-Mail eng Ordonnance fir ee Schnelltest. Am Fall wou eng Persoun anzwousch geet, fir ee certifizéierte Schnelltest ze maachen ass et um Professionellen, fir d'positiivt Resultat ze deklaréieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kréien déi concernéiert Persoune bei engem positive Schnelltest vun engem Professionellen och eng Ordonnance vun der Santé fir ee PCR-Test geschéckt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député